



**Gemeinsam Äntwert vun der Madame Justizministesch an delegéiert Ministesch fir Medien a  
Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, an dem Här Innenminister, Leon GLODEN, op  
d'parlamentaresch Fro n °1185 vum 12. September 2024 vum honorablen Deputéierten Sven  
CLEMENT**

**Ad 1)**

D'Positioun vun der Lëtzebuenger Regierung huet mat der neier Propose fir d'EU-Reglement net geännert. Während d'Bekämpfung vu sexuellem Mëssbrauch a sexueller Ausbeutung vu Kanner eng Prioritéit ass an d'Regierung d'Efforten um europäeschen Niveau fir dës Phänomener ze bekämpfen voll ënnerstëtzt, stellt d'Regierung awer fest, dass hire Bedenken mat Bezuch op de Schutz vun de Grondrechter a speziell den Dateschutz mat der neier Propose net Rechnung gedroe gëtt.

D'Regierung hält dohier weider un der Positioun fest, dass am Kader vun engem neien EU-Reglement de Proportionalitéitsprinzip muss respektéiert ginn, fir dass essentiel Grondrechter vun de Bierger garantéiert bleiwen. Genau wéi et de Service juridique vum EU-Conseil a sengem Avis iwuer d'Legalitéit vun der sougenannter "Chatkontroll" recommandéiert, ass d'Regierung fir eng méi cibléiert Detektioon vu pedopornographeschem Material a fir d'Vermeide vun enger genereller Iwwerwaachung.

Speziell bleift d'Regierung der Meenung, dass verschidden Deeler vum Text, ënner anerem déi sougenannten „Uploadmoderation“, déi en Deel vun engem „Client-Side Scanning“ duerstellt, net de Risiko vun enger genereller Iwwerwaachung andämmen an och de Krittär vun der Proportionalitéit aus der Charta vun de Grondrechter vun der EU net erfëllen. Den Dispositif schléisst nämlech nach ëmmer net aus, dass d'Kommunikatiounen vun all de Benotzer vun engem Service, och vun deenen déi iwuerhaupt kee Lien mat enger Strofdot hunn, kënne gescannt ginn.

**Ad. 2**

Den 23. September huet keng Ofstëmmung stattfonnt, et war eng Reunioun op Beamteniveau.

**Ad. 3**

D'Regierung huet scho kloergestallt, dass se déi aktuell Versioun vum Text net matdroe kann. Am EU-Conseil vum 10. Oktober huet och keng Ofstëmmung stattfonnt.

**Ad. 4**

D'Regierung ass der Meenung, dass den aktuelle Kompromëssprojet net am Aklang mam Proportionalitéitsprinzip souwéi mat der Jurisprudenz vun der Cour de Justice vun der europäescher Unioun ass.



**Ad. 5**

D'Regierung ka sech zum jëtzege Zäitpunkt nach net zu dëser Fro äusseren.  
Et sierf op d'Äntwerten vun de Froen 3 a 4 verweisen.

Lëtzebuerg, den 14. Oktober 2024.

D'Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue